



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Direction de la Défense

**Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5263 vum 18. November 2021 vun den honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser a Fred Keup**

De besoten Accord, dee säit 1982 besteet a fir d'lescht 2020 verlängert gouf, ass keen Accord iwwer militäresch Kooperatioun mee iwwer d'Kooperatioun am Beräich vum Beschafe vu Verdeedegungsgidder.

Dësen Accord hält d'Grondsätz fir dës Kooperatioun fest a vereinfacht d'Bezéiung tëscht de Vereenegte Staate vun Amerika a Lëtzebuerg am Kader vun Ausschreiwungen am Verdeedungssecteur.

Den Accord soll den nationalen Entrepen erlaben un den Ausschreiwungen an de Vereenegte Staaten respektiv zu Lëtzebuerg op engem "pied d'égalité" mat den Entreprisë vum jeeweilige Land wou d'Ausschreiwung stattfënnt deelzehuelen. Datt ganzt bleift natierlech am Kader vun den existéierenden nationalen an internationale Gesetzer, Reglementer a Prozeduren. Den Accord mat de Vereenegte Staaten huet keen Impakt ob d'Gesetzeslag. En ass net juristesch verbindlech an dofir plange weder d'Vereenegt Staaten, nach d'lëtzebuergesch Regierung, dësen Accord ze ratifizéieren. Dësen Accord huet och keen Impakt op d'Beschafe vun europäeschem Material. All europäesch Entreprise ass weiderhi fräi fir bei allen ëffentlechen Ausschreiwungen ze kandidéieren. Den Zouschlag vun engem Marché fir Material ze kafe baséiert sech, esou wei et an der europäescher Direktiv iwwert ëffentlech Ausschreiwunge virgesinn ass, reng op technesch an/oder finanziell Critèren déi an der Ausschreiwung festgehale sinn, an net op d'Hierkuntsland. Dowéinst huet dësen Accord weder e negativen Afloss op d'Standardiséierung bei den Equipementer innerhalb vun Europa nach op d'Stiewen no enger gesamteuropäescher Identitéit am Kontext vun der Verdeedegungspolitik.

Nieft Lëtzebuerg hunn nach 26 aner Länner, dovunner 17 EU-Memberstaaten, esou ee bilateralen Accord mat de Vereenegte Staaten ënnerschriwwen.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2021

(s.) François Bausch  
Verdeedegungsminister